



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 9 janvier 2020



Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne: question parlementaire n° 1517 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse commune, des ministères impliqués, à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse



Luxembourg, le 9 janvier 2020

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 1517 de Monsieur le Député
Fernand Kartheiser**

Wat d'Problematik vum Streeën an de Schoulhäff betrëfft, sou gëllt et, tëschent dem Enseignement
fondamental an dem Enseignement secondaire ze ënnerscheeden:

Fondamental

D'Gemenge si Propriétaire vun de Schoulinfrastrukturen, déi si, op Grond vum Artikel 35 vun *der loi
modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* verpflichtet sinn, zur
Verfügung ze stellen. Den Artikel 58 vun deem selwechte Gesetz gesäit ausdrécklech vir, dass et an
der Responsabilitéit vun de Gemengenautoritéiten läit, fir den Entretien vun den ëffentleche
Grondschulgebäier ze assuréieren. Ënnert dës Obligatioun fällt ënnert anerem d'Streeë vun de
Schoulhäff virun der Arrivée vun de Schüler.

Sollten d'Membere vun der Schoulcommunitéit der Meenung sinn, dass d'Gemeng nach zousätzlech
Precautioune misst huelen, fir d'Sécherheet vun de Schüler am Schoulhaff ze assuréieren, da kënnen si
sech entweder direkt un déi Gemengeresponsabel oder un de Schoulpresident wenden, deen
d'Doléancen esou séier wéi méiglech un säin Uspriechpartner bei der Gemeng weidergëtt.

Secondaire

Op Grond vum Artikel 6 vun der *loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les
administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles*, a vum Artikel
4.5.03 vum *règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de
sécurité dans la fonction publique*, ass de Schouldirekter responsabel fir d'Ausféierung vun de
preventive Moosnamen am Kader vu Schnéi oder Äis.

Dëst bedeit, dass den Haff an d'Accèsen zum Schoulgebai am Wanter vum Äis mussen fräigemaach
ginn, an zwar vun deem Moment un, wou déi éischt Schüler an d'Enceinte vum Schoulgebai kommen
(ongeféier eng hallef Stonn virum Ufank vun de Coursen). Dat steet net an engem spezielle Règlement,
mee geschitt am Kader vun der allgemenger Sécherheetsobligatioun, déi d'Schoulen hunn.

D'Schouldirektiounen sinn dofir zoustänneg, genuch Streesalz ze kafen an ze lagere. En Accès zu deem
Salz hunn an der Reegel d'Membere vum technesche Personal; et ass gewéinlech och dat technescht
Personal, wat d'Aufgab huet, ënner Opsicht vun der Direktioun, am Schoulhaff ze streeën.

Am Fall vun engem Ongléck kann d'Responsabilitéit vum Staat oder vun enger Gemeng engagéiert ginn; op Basis vun engem Dysfonctionnement vum Service (Artikel 1 vun der *loi modifiée relative à la responsabilité civile de l'État et des collectivités publiques*), oder op Basis vun den Artikelen 1382, 1383 an 1384 alinéa 1er vum Code civil (responsabilité de droit commun).



Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse